Gemengerot

# vum 3. Juni 2026

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** Guy Breden (CSV), Conseiller

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser 2.3., 2.9., 2.10, 2.16.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, begréisst all d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 3. Juni 2026. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl. Den Här Guy Breden ass fir d'Sëtzung vun haut entschëllegt.

Den **Här Kevin Urbing (CSV)** informéiert iwwer d'Sëtzung vum Kommitee vum SIDERO (Syndicat intercommunal de dépollution des eaux résiduaires de l'ouest), déi den 2. Juni 2026 stattfonnt huet.

An der Gemeng Kielen sinn de Moment e puer Chantiere vum SIDERO amgaangen. Um Chantier vun der Kläranlag an der rue du Kiem zu Kielen kommen d'Aarbechte ganz gutt virun. Déi nei Installatioun ass mëttlerweil a Betrib geholl ginn, dat heescht, datt de ganze System leeft an alles funktionéiert wéi virgesinn. De Chantier soll viraussiichtlech géint Enn vum Joer komplett ofgeschloss sinn.

Och de Chantier tëscht Nouspelt an der Industriezon zu Kielen, wou eng nei Leitung parallel zu der bestoender Leitung geluecht gëtt, kënnt gutt virun. Muer de Moie steet e Rendez-vous mat de concernéierte Baueren un, well d'Leitung e bësse méi héich huet misse geluecht ginn, wéi ursprénglech virgesinn. Dobäi muss geklärt ginn, wéi vill Buedem iwwert der Leitung opgeluecht gëtt. Dës Situatioun schéngt bei de concernéierte Baueren allerdéngs net op vollstänneg Zoustëmmung ze stoussen.

Wärend der Reunioun soll gekuckt ginn, wéi dësen Dossier weider traitéiert gëtt. Et steet awer net zur Debatt, d'Leitungen nach eng Kéier erauszerappen. Ufanks war virgesinn, datt ronn 50 Zentimeter Buedem iwwer der Leitung leien. Mëttlerweil ass nach vun 20 Zentimeter rieds. Et bleift ofzewaarden, wat d'Baueren dozou soen. D'Ofwäichung erklärt sech ënner anerem doduerch, datt beim ënnerierdesche Baseng méi Buedem wéi virgesinn opgeschott gouf. Op där ganzer Streck kënnen esou séier Héichtenënnerscheeder vun 20 bis 30 Zentimeter entstoen. D'Baueren hunn dëst selwer festgestallt.

Donieft goufen nach zwou Decisioune gestëmmt, déi d'Gemeng Kielen direkt betreffen. Fir d'éischt gouf decidéiert, datt sech de SIDERO bei der éischter Phas vum Retentiounsbaseng an der Industriezon mat engem Montant vun 250.000 Euro bedeelegt.

Zweetens ass de Retentiounsbaseng am Kontext vum PAP Acker mat engem Gesamtbudget vu 4,5 Milliounen Euro guttgeheescht ginn.

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, informéiert iwwert e Gespréich mat de Responsabele vum FC Kielen. Dobäi gouf bedauert, datt d'Buvette wärend dem Relegatiounsmatch, bei deem iwwer 2.000 Spectateuren um Fussballsterrain waren, net op war. Dës Onzefriddenheet gouf och dem President vum Veräin an engem däitlech formuléierte Courrier matgedeelt. D'Gemeng bedauert dës Situatioun ëmsou méi, well d'Buvette mat engem bedeitende finanzielle Bäitrag realiséiert gouf. Dobäi kënnt, datt et relativ rar vir, datt esou vill Leit gläichzäiteg op den Terrain kommen. Weider gouf festgestallt, datt d'Buvette och bei anere Geleeënheeten net ëmmer op ass, wat aus Siicht vun der Gemeng net zefriddestellend ass. Gläichzäiteg gëtt ervirgehuewen, datt ronn 70 Persoune wärend dem Match am Asaz waren. Den FC Kielen ass dofir ze luewen, datt et him gelongen ass, esou vill Fräiwëlleger ze mobiliséiere, fir ze hëllefen. Deemnächst ass eng Entrevue mam FC Kielen virgesinn. Dobäi sollen ënner anerem déi geplangte Changementer um Site an d'Méiglechkeet vun engem zousätzlechen Terrain diskutéiert ginn. Am Virfeld gouf eng Machbarkeetsstudie ausgeschafft, déi an der nächster Sëtzung vum Schäfferot presentéiert gëtt. Bei dëser Entrevue wäert och dës Studie thematiséiert ginn, genee wéi d'Notzung vun der Buvette.

### *1. Verwaltung vun der Gemeng Kielen – Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot schaaft e Poste fir e Gemengebeamte fir d'Besoine vum Service fir Eventer an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *2. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen*

#### *2.1. Cycle 1 100% - 1 Posten*

*(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deenen zwee fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 1 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

#### *2.2. Cycle 1 100% - 1 Posten*

*(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deenen zwee fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 1 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

#### *2.3. Cycle 1 SUR 100% 2026/2027 - 1 Posten* *(mat 11 Stëmme fir an 1 Stëmm fir en anere Kandidat)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deenen dräi fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 1 SUR 100% A 2026/2027 – 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.4. Cycle 1 SUR 100% 2026/2027 - 1 Posten *(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deenen dräi fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 1 SUR 100% A 2026/2027 – 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.5. Cycle 1 SUR 100% 2026/2027 - 1 Posten *(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deenen dräi fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 1 SUR 100% A 2026/2027 – 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.6. Cycle 2-4 100% - 1 Posten

*(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene fënnef fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.7. Cycle 2-4 100% - 1 Posten

*(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene fënnef fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.8. Cycle 2-4 100% - 1 Posten

*(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene fënnef fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.9. Cycle 2-4 100% - 1 Posten

*(mat 11 Stëmme fir an 1 Enthalung)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene fënnef fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.10. Cycle 2-4 100% - 1 Posten

*(mat 11 Stëmme fir an eng Enthalung)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene fënnef fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.11. Cycle 2-4 100% 2026/2027 - 1 Posten *(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene véier fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% A 2026/2027 - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.12. Cycle 2-4 100% 2026/2027 - 1 Posten *(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene véier fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% A 2026/2027 - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.13. Cycle 2-4 100% 2026/2027 - 1 Posten *(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene véier fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% A 2026/2027 - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.14. Cycle 2-4 100% 2026/2027 - 1 Posten *(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deene véier fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 100% A 2026/2027 - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.15. Cycle 2-4 SUR 100% - 1 Posten

*(mat 12 Stëmme fir)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deenen zwee fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 SUR 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.16. Cycle 2-4 SUR 100% - 1 Posten

*(mat 12 Stëmme fir an 1 Enthalung)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op e vun deenen zwee fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 SUR 100% - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

### 2.17. Cycle 2-4 SUR 100% 2026/2027 - 1 Posten

*(keng Stëmm fir de Kandidat)*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat vun der éischter Lescht op de fräie Posten am Grondschoulunterrecht (Cycle 2-4 SUR 100% A 2026/2027 - 1 Posten), ab dem Schouljoer 2026/2027, ze reaffektéieren.

## 3. Verwaltung vun der Gemeng Kielen- Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives, a seet him Merci fir déi gutt an